Presentatioun Käerjeng hëlleft

déi gréng fannen et wichteg a richteg, dass an der Gemeng Käerjeng eng Associatioun an d'Liewe geruff geet déi et als Ziel huet, sou wuel um internationalen wéi um nationalen Plang, Leit a Nout ze ënnerstëtzen.

Dass d'Initiativ vun der Gemeng ausgeet an sou eng Virbildfonktioun iwwerhëlt, garantéiert, dass des Associatioun déi néideg Ënnerstëtzung wäert kréien fir hire Missioune gerecht ze ginn.

Des Associatioun soll awer net iergend engem anere Veräin deen an der Gemeng, an dësem Beräich aktiv ass, Konkurrenz maachen. „Käerjeng hëlleft“ soll niewent eegenen Projeten och déi bestehende Projeten ënnerstëtzen an deem en hinnen eng Plattform bidd. Et kann een sech dat Ganzt als Daachverband vun der Cooperatioun a Solidaritéit vu Käerjeng virstellen.

Déi gréng sinn och frou, dass mer hei am Kader vum Klimabündnis am Volet „Ënnerstëtzung vun de Vëlker aus de südleche Länner“, déi am meeschten ënnert dem Klimawandel ze leiden hunn, e grousse Schrëtt weider kommen.

Wichteg erschéngt eis och de Volet Sensibiliséierung, ouni dee mer d'Bewosstsein an der Gesellschaft fir des Themen net wäerten verbesseren. Et ass virun allem wichteg eis Kanner ze erreechen. Si si ganz sensibel ob des Themen an huelen d'Informatiounen mat an d'Famillen. Ziel ass et laangfristeg d'Enerstetzung vun de Leit aus der Gemeng ze garantéieren.

Déi gréng wëllen dann och en Appel un all eis Bierger lancéieren fir sech bei „Käerjeng hëlleft“ mat ze engagéieren, well nëmme wa mer zu vill si, kënne mer ville Leit a Nout hëllefen. Nom Prinzip: l'union fait la force.